

Meng Krichsjoeren a Refraktär

Weirich Theophile

=====

### I.- Mein Hemechtsduerf

Ech sin gebuer zou Gouschteng, Gemeng Fluesweiler, an zwar 1921. -Dat Gebuertsjoer soll vill Lëtzeburger am II. Weltkrich zum Verhängnes gin. Esou gur an der Dout feieren.

Gouschteng as en klengt awer leif Dierfchen an der Muselgegend. D, Duerfleit haalen fest zesammen a sin bekannt Als trei Lëtzeburger.

### II. Den lo. Mee 1940. D, Preisen sin do. Et as Krich.

Et könnt den lo. Mee 1940. Wéi e Laaffeier get durch d, Duerf. D. Preisen kommen den Gronn erop. Et as Krich. A schon sin si Do.

Bei denen äeleren Leit get erëm den Krich 1914-1918 Waakereg.

Demols stong op der Lous en Vermieessongtuur. Aus Expressgeet hun Gouschtenger nuets den Lëtzeburger Fëndel Op dësem gehisst. Daat war déi eischt Rooserei mat den Preisen. Daat war zevill. Den Fëndel muss erof.

Allerdengs sin et och...wann och ganz weineg..deitschfrënd-  
Lech Leit gin.

### III Den Arbeitsdengscht

Lues a lues hun déi Deitsch..mat dem Gauleiter sech ëmmer  
Meih breet gemaach a versicht Letzeburg ze annekteieren.  
Et komm esou zur Afféierung vum Arbechtsdengscht,dem  
ARD.Selbstverständlech war ech och direkt mat der Nuus  
Derbei.

Et komm d,Musterong....den Einberufungsbefehl...an dann  
D,Einberufung selwer.

Zou Lëtzeburg an der Garerschoul hun mir is all getraff.

Den Opruff op si all do wäeren.An dann mat der Wehrmachts-  
Musek op d.Gare an den Zuch.

Heim ins Reich.

Iwwer Wasserbëlleg,Tréier,Kassel gong et no :Fürstenhagen,  
Hessen/Lichtenau.Demols waren mir zou loo. Lëtzeburger  
Jongen an dem selwechten Lager.An enger Munitiouns-  
Fabrëkk sollten mir angesaat gin.

#### IV RAD Arbeitslager Fürstehagen

---

Eigentlech waren et zwee Lager. Emol d. RAD Lager vun den Meedercher oder Arbeitsmäiden an daat vun den Jongen.

a) am Lager vun den Meedercher waren all Natiounen vertratt.

Speziell vill Meedercher aus dem Elsass/Lotringen. Si hun Wéi spéider mir an der Munitiousfabrekk geschaff a speziell d. Munitioun fiir d. Front verpaakt.

b) An isem Lager waren mir eleng zou 100 Lëtzeburger. Doniewend Polen, Neibelger, Elsass/Lotrenger, Deitscher asw asw.

Déi eischt Wochen waren dem Drill, der Ausbildung verschriewen: Spatendrill, Spatenreinigung, Sport, Bettenbau asw Gebrëlls a Gejeitz.

Dat huet muerjens freih ugefaangen beim Fahnengruss bis zum Wehrmachtsbericht, bis oft speit an d, Nuecht eran.

No dem eischten Mount sin mir ebenfalls an d, Munitiousfabrekk Schaffen gängen.: Bunkerbauen, Schützengriew auswerfen, Leitungen Leen asw.

Fiir dohin an zereck ëmmer dat selwegt: Ein Lied: Auf der Heide blüht Ein kleines....

Esou as et ze verstoen, daat iwwert Lëtzeburg dës Fabrekk un D, Alliéiert verrodén gin as. War och eng vun denen eischten, déi Bombardéiert gin as.

No sechs Méint konnten mir dann hém goen.

.....

## V Ech gin Belsch. Kreien eng Belsch Identitéitskaart

---

Gott sei Dank. Ech hat d, Chance nët gleich an d. Wehrmacht  
Agezun ze gin.

Lues a lues hun mir Lëtzeburger gesin, wou dat alles geif hinfeieren.

W Ehrmacht, Front, Gefangenschaft oder Dout.

Lëtzeburg an och Belgien hun sech ëmmer besser organiséiert:

Organisatiounen wéi den Loude Léiw, oder Armée Blanche:

Iwwert eng gudd a trei lëtzeburgesch Famill aus dem Eisleck,  
déi zou der belscher Ennergrondbewegung Relatiounen haat

krut ech esou eng Belsch Identiteitskaart. (Niewendrun)

(All Niem well ech hei nët ernimmen)

.....

VI De Wehrmachtsstellongsbefehl.----gin agezun....

Meng Ausbildung bei der Wehrmacht.

---

Emol huet et missen sin.Ech gouf agezun.

Dës Keier war et anescht.D,Preisen haaten geléiert.Et

War ken feierlechen Marsch op der Lëtzeburger Gare mat

Musek a Klamau.Jidderen huet missen eleng op Treier fueren

An do sech bei der Wehrmacht...Westbahnhof ..stellen.

Zwee leif Leit hun mech den daag,wou ech hun missen fort-

Gén zou Wurmeldeng iwwert d,Brëkk begleet no Wenger op

Den Zug...Déi Gefiller,déi en begleet hun,well ech nët beschreiwen.

No enger Nuecht zou Treier..no Verpflegong..as et dann den aneren

Daag mat dem Zuch weidergangen.A schlussendlech no e puer

Deeg mat Aus an An,sin mir zou Schlesswig/Hollstein ukomm.

Hei déi üblech Zeremonie:Einkleidung..Zivilklamotten hémschëkken..

Drill asw

Gott sei Dank. Dësen Zirkus waar nëmmen vun kurzer Zäit.Mir

Sin kurz drop näs an den Zuch geklommen an a Dänemark op

Den Inseln Fahröhr geland.



VI Dräi Meint Dänemark...Ausbildung...Westwall

Bunker bauen.(Sollen d,Amerikaner an d,Engländer

Hei landen.?)

---

Dës dräi Meint an Dänemark waren ze erdroen.Drill,

Ausbildung..Kasär, alles war dran.Weil awer is Ausbilder

Aus der Ostfront komm sin..muncheren verwond...waren

Dës Meint ze erdroen.

Geschwönn hun mir gesin,fiirwaat mir an Dänemark verluegt

Gin sin.Si hun is gebraucht fiir den Westwall auszebauen.

Mir konnten is fiir Arbechten um Westwall melden an si

Duerfir mat Däneschen Krounen bezuelt gin.Mat dem Geld

Konnten mir is munches läschten.

Erlabt mir nëmmen e kurz Wuert iwwert d.Bevölkerung,d,Leit

Op den Fähröhr Inseln.All Respekt.Vis a vis vun den Lëtzeburger

Korrekt,fein,entgengtkommend,hellefsbered an munch Kuuscht

Fir den Mooh.

Mir waren bei villen opgeholl an der Fräizeit.

## VII Ausbildung zou Landau..hei an der Pfalz..

### Ausbildung fiir den Asaatz bei Rommel am Afrikakorps.

---

An Afrika hun demols déi Deitsch ëmmer meih un Terrain  
Verluer. Sin hun missen zereck. El Allemain war verluer. An et  
Huet en gesin, daat si sech virberet hun op eng Landung an  
Italien.

Esou as dun komm, daat ech an Dänemark fiir den Afrikakorps  
Ausgemustert gin sin. Dat huet geheesch: An d. Pfalz no Landau  
Fir eng weider Ausbildung.

Afrika. Afrika war verluer. Landung an Italien. Fiir en Asaatz an  
Front waren mir nët prët. Is Ausbilder och do: Aeler Offizeier..  
Oft schweier verwond ..aus der Ostfront. Vill haaten d. Nuus voll.

Ech sin an d, Abteilung vun den Granatwerfer komm. A weil  
Den Afrikakorps opgeriewen gin as, kouw et do nët zum Asaatz.  
Et geif soen et war dem Härrgott sein Verdengscht. Dräi Meint  
Sin hei seier verstrach a et huet geheesch: Ostfront.

Esou as en kurzen Urlaub durgangen fir ze deserteieren.

## II Kapitel:Den Deserteur a Refraktär

=====

### I.- Den Deserteur

=====

En kurzen Weckendurlaub hun mir genügt fiir ze Deseréieren,waat och oni Urlaub präparéiert war. Kaum doheem as déi preisesch Uniform mit“Zubehör“ An den Püetz geheit gin a ech hun versicht op eng Hemlech Art a Weis bei der Famill ennerdach ze kommen Déi<sup>er</sup> ech verstoppen soll.

Aus der enger Famill sin et der dräi gin, weil Gestapo Verdacht kritt haat an e Bleiwes nët meih denkbar war.

Hei déi dräi Famill oder besser Véier :

Famill Schneider-Krell      Esch /Uelzecht

Eng Bijouterie                      Esch/Uelzecht

Famill Thill-Wilmes              Esch/Uelzecht

(respkt:Reckinger-Thill)

.....

An dann:d,Bunkerliewen am Dëchenshaus zou Beteburg,Dëchant Nic.Weirich ,wéi Cath.Weirich,Rosalie Pundel an Afekot Aloyse Weirich.



## II Bei der Famill :Schneider –Krell

=====

Kaum hat ech mech hei angeliewt,all Angscht iwwer-  
Wonn huet de Preis zougeschloen.Et waar muejens free.  
Geengt 6.15...6.30 Auer d.Gestapo d.Stroos besaat haaten.  
Ongleck beim Gleck:Den Jong aus dem Haus as vun der  
Nuetschicht op der Schmelz heemkom an si hun hin an der  
Stroos verhafft. Sein Ongleck waar mein Gleck. Ech konnt  
Nach durch d.Henneschtfenster durch den Gaard fortkom-  
Men. Den Daag waar ech dann bis den Owend an enger  
Bijouterie verstoppt.

## III Bei der Famill Thill-Wilmes

=====

Owends hun ech mech dann bei d.Famill Thill-Wilmes  
Geschlach,déi mech ganz leif opgeholl huet.Hei waar  
Meng Stopp uewen op der Mansard.  
No dräi leiwer Meint war meng Herrlechkeet och hei  
Zou Enn. Ech hun näs missen fort.

## IV Is Stopp am Bunker zou Beteburg beim Dëchen

Weirich

=====

Viirwuert:Fiirwaat si mir dun beim Dechen Weirich,just

An der Famill verstoppt gin? D,Ursaach war déi hei  
An der Tëschenzäit sin dun mein Papp a mein Bruder  
Aus dem Heemechtshaus ëmgesiedelt gin.  
Mein aneren Bruder ass an d.KZ komm.Am Heemechts-  
Haus as eng Kroatesch Famill ugesiedelt gin.  
Ise Monni,den Dëchen Weirich,huet sein Bruder den  
Joseph Weirich vun Diddeleng kommen gelooss an him  
Proposéiert an den Gaard en Bunker ze bauen,an do  
Is zwee,den Jos Weirich,den sollt angezun gin a mech  
Ze verstoppen.D.Idee huet gefaal an as realiseiert gin.

### III Kapitel:De Bunker get gebaut.

Wéi en Wonner d,Natur helleft.

=====

Den Dëchen Weirich hat sech déi Saach gudd iwwe-  
Luegt.Vun sengem Büro aus...vun ënnert sengem Pult  
Aus..soll en Zougang durch d.Hausgiewwelmawer bis  
An den Gaard gebrach gin an do am Buedem en Bun-  
ker aus geheiht gin.An enger Nuecht huet daat missen  
Färdeg sin.Mir hun missen verstoppt gin.

Si hun gebuggert an gebuggert:Muerjens waar alles  
Realiséiert.

En Naturwonner:

=====

Alles war gudd geplangt an den Buedem ,den ausgegrue-  
wen gi as,goew an eng aal Zetär geheit( aal Dëchenhaus)  
Wéi d.Zetär voll war heut sechd.Froo gestallt:Wohin mat  
Dem Räscht.Den gouf an den Gaard geheit.Gott sei Dank.  
Nuets as heehen Schnee gefaal..et huet gefruer. an den  
Schnee as Wochen laang leien bliewen.esou huet ken  
Den ausgeworfennen Buedem gesin.

Och eng Natur kann hellefen.


Hei sin mir zwee dun –ënnergedaucht.

(Op Detäiller vum Bunker well ech nët angoen)

V. Kapitel: Beteburg gët vun den Amerikaner

Bombardéiert. Mir müssen fort.

=====

An der Tëschenzäit as nach en ötten Refraktär bei  
Is angezun. Et waar alles rouheg an mir konnten isem  
Studium (privat)nogoen.

Bis Beteburg vun den Amerikaner bombardéiert gin as.  
(Iwwert dës schweier Stonnen liest d.Chronik iwwert  
Beteburg.)

D.Sirenen sin gangen an schon sin déi éischt Bomben  
Explodéiert. D,Amerikaner haaten et op dGare ofgesin.  
Awer op 100 Meter vun isem Bunker eweg fällt eng  
Bomm an d.Nopeschhaus. Acht Doudeger. D,Famill  
Lamberty get uerg gepreift. Eng ganz Famill stierwt hei bis  
Op den Grousspapp. Hin war an der Kiirch.

Vill Schued. Och um Dëchenshaus Mir konnten nët meih  
Bleiwien a mussten fort. Erëm eng Keier. Wohin.

Mir hun is décidéiert bei Weirechs zou Diddeleng an  
Hirer Quincaillerie firr eng Zäit eng nei provisoersch  
Stopp ze maachen.



VI Kapitel: D,Stopp hannert den  
Uewenpeiffen.

=====

Eng Leisong gouw och zou Diddeleng fond. Am Magazin  
Waar eng Onmass Uewenpeiffen gelaagert. Ennert desen  
Uewenpeiffen as Nuechts en neien Bunker genau gin.  
En Hokken hat daat Ganzt. D. Famill Weirich-Majerus stong  
Op der Löscht fir d. Emsiedelong. Duerfir sin mir näs no 5.  
Wochen, all Geforen waaren eriwwer, de Schued am  
Dächenhaus reparéiert, op Beteburg an den Bunker zereck-  
Gangen.

Do waaren mir bis zur Befräiung durch d, Amerikaner.

.....

N.B: Hei hun mir dann och Bekanntschaft gemaach mat  
Engem Amerikaneschen Militäraumônier, den beim  
Dächen Quartéier haat. (Gefaal bei der Offensiv  
Iwwert d. Musel an d. Saar.)

.....

Vii a Läschtkapitel: Isen Merci

=====

Et wär falsch desen Bericht ofzeschleissen oni villen  
Eit Merci ze soen. An virun allem dankbar ze bleiwen.

- a) Dem Härrgott a der Muttergottes der Treischterin.  
z.bOp dem I.Oktavsonndeg as mein Bruder aus  
der Emsiedlong heemkomm an mir zwee hun is  
an der Oktav erëmgesin.
- b) Menger Famill, déi vill Affer fir is zwee Refraktären  
Bruecht huet.
- c) Denen Familljen,wou ech verstoppt waar.
- d) Denen Familljen déi zou isem Ravitaillement beigedroen  
Hun.
- e) Dene Familljen déi mir en falschen Pass erstallt hun.
- d) virun allem awer DENEN,déi an d.K.Z.hun missen goen.

HINNEN ALL MEIN DANK.ALS PRIESTER WEES ECH  
WAAT ECH SCHÖLLEG SIN.MERCI.

---

N.B. Iwwert K.Z. an d.Emsiedlong verleieren ech hei ken  
Wuert.Daat Kapitel gehéiert nët heihin.

---

Schluss: All meng Komeroden,déi aus dem Kriich nët heem  
Sin,droen ech mat an mengem Gebiet.

Sie vergiessen ech nët.

Et as ze hoffen, daat esou Zäiten nie erëmkommen.

Loossen mir Lëtzeburger is respekteieren,fiir den  
Fridden

Weider engagéieren.D,Jugend vun haut soll aus den  
Joeren 1940-1945 selwer hir Leier zéihen.